ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 17. Oktober 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Mir ass zougedroe ginn, datt, wann e Patient onerwaart a plëtzlech op en Ambulanzen-Transfert an d'Ausland ugewisen ass, den zoustännegen Dokter nach **den Dag selwer** eng sougenannten *Demande d'autorisation préalable d'un transfert à l'étranger* ufroe muss. Ass dat net de Fall, bleift de Patient integral op de Käschte vum Transfert sëtzen. Hei kënnen och emol séier dräi-stelleg Zommen ufalen, jee nodeem, a wéi eng auslännesch Klinick de Patient muss transferéiert ginn. Dëst ass a mengen Aen eng ongerecht an absurd Virgab, well et jo duerchaus virkomme kann, datt den zoustännegen Dokter selwer eng Urgence huet a schwéier (bis hin zu onméiglech) Zäit fanne kann, sech den Dag selwer nach ëm déi administrativ Dispositiounen ze këmmeren.

An dësem Kontext géif ech dem Här Minister gär dës Froe stellen :

1. Ass den Här Minister bereet, déi uewe genannten onsënneg zäitlech Dispositioun ze iwwerdenken ? Wa jo, a wéi engem zäitleche Kader ka mat der Ëmännerung vun dëser Dispositioun gerechent ginn ? Wann nee, wat sinn d'Grënn firwat de Minister weiderhin un dëser Dispositioun festhält ?
2. Ass den Här Minister net der Meenung, datt d'Statutte vun der CNS net eemol allgemeng missten op de Leescht geholl ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten